Péteng, den 31. August 1982

Den 31. August 1982, also virun 40 Joer, op den Dag genau, huet d'lëtzebuerger Vollék an engem émolegen a beispillhaftem Elan bewiesen zu wat fir Léschtungen och eng kleng Natioun kapabel ass. De Gauleiter Gustav Simon hat den Dag virdrun dé firchterlechsten Schlag géngt dat freit Lëtzebuerg annoncéiert.

Lëtzebuerg wat sech net "Heim ins Reich" féiere wollt lossen, wat sech géngt d'Nazifizéiere gewiert huet, sollt dann batter dofir misse béissen. Seng Krichsjugend gouw kondamnéiert auszestierven. An déi déitsch Wehrmacht zwangsrekrutéiert sollt sie un déne geféierlechste Frontabschnetten verbludden. Dat war de Senn an den Zweck vun der Wehrpflichtaféierung zu Lëtzebuerg, déi de Gauleiter Kirmessondeg den 30. August 1942 duerch völkerrechtswidreg Verordnungen proklaméiert huet.

Et ass erwiesen, dass et keng erfuerderlech militäresch Moosnahmen waren. Au contraire: An engem geheime Bréif un de Gauleiter Gustav Simon huet den démolegen Reichs Propagandaleiter Dr Goebbels schon virum 10. Oktober 1941 drop opmierksam gemach dass de wirkleche Sënn vun der Volkszählung an de Punkte 7 an 8 géng leien. Dat waren d'Froen iwert d'Hémechtssproch an iwert Staatszougehéieregkét. Hei soll 2 mol Deitsch stoe kommen an esouhätten d'Lëtzebuerger sech selver verkâft a sech fir den Uschloss un d'Reich ausgesprach. Doerobber hin hätt eng Generalmobilmachung zu Lëtzebuerg déi deitsch Zaldote bestänn em 35.000 Mann opgebessert. Eng geschéckt Verdélung vun desem neiem Kanounefudder an déi geféierlechst Frontlinnen hätten entspriechend héich Verloschtquoten bruecht. Domadde wär d'lëtzebuerger Land massif entvölkert gin, déi fehlend Leit duerch Nazi-bewährte Reichsdeitscher ersat gin fir esou d'Verdeutschung zu réaliséieren an ze beschleinegen.

Wéi gesot, dat war schon de Plang 1941 dén natirlech duerch d'Beäntwerten vun de Froebéi mat 3 mol Lëtzebuerger op déi berühmet Punkten fehlgeschloe war. Elo den 30 August 1942 greift de Gauleiter zu enger anerer Oplag vun desem Verbriechen an proklaméiert d'Wehrpflicht, fir unzefänken, nemmen fir d'Joergäng 1920 bis 1924.

Awer och des Kéier hat d'lëtzebuerger Vollék de wirkleche Hannergedanken vun deser satanescher Verordnung erkannt an huet sech spontan a geschlossen virun seng Krichsjugend, seng Jongen, "Ons Jongen" gestallt.

Méindes muergens um 7 Auer hun déi 600 bis 700 Arbechter an der Liederfabrik "Ideal" zu Woltz d'Arbecht néiergeluecht. Dat selvescht och bei der Firma Lambert, bei Clarens, an dénen 2 Wolzer Brauereien, fir nemmen déi stellvertriedent ze nennen. E Protestzug huet sech forméiert, dém sech emmer méi Leit ugeschloss hun, ass duerch d'Strossen vu Woltz gezunn.

An de Schmelzen am Süden vum Land war et selwecht. Iwerall ass vum Streik geschwat an entspriechend gehandelt gin. Um 6 Auer huet dann den Adam Nic op der Metzenschmelz zu Schefflèng mat der Sirène d'Zéchen entgülteg gin fir de Generalstreik.
Wéi e Laffeier huet des Streikwell sech iwert d'ganzt Land gezunn. D'Bierg-arbechter sin net méi an d'Galerien afefuer; d'Zich sin stoe bliwen; d'Mel-lech, statt ofzeliweren, gouw vun de Baueren ausgeschott; d'Geschäfter hun hir Dieren an Rollueden zou gemach; d'Studenten, d'Schüler, d'Schoul-méschteren an d'Professeren sin net an d'Schoul gangen. An engem Wuert: d'öffentlecht Liewen ass erstarrt.
No der éischter Iwerraschung a Sprachlosegkét vun den Nazidiktatoren, koum hir Reaktioun. Nach dé selwechten Dag gouwen 4 Verordnungen vum Gauleiter Simon erloss. Den zivilen Ausnahmezoustand iwert Esch an domadden och fir Schefflèng. Dunn fir Diddeleng a schliesslech fir d'ganzt Land, esou wéi och d'Aféierung vun engem Standgericht.
Op bluddegen rouden Plakaten gouwen des Verordnungen dem Vollék matgedélt.
Eng grouss Verhaftungswell ass iwert ons ganzt Land gangen.
A schon den 2. September hu genau esou roud Affichen d'Hirichtung vun déne éischte Lëtzebuerger, 2 Gemengebeamten vu Woltz, de Michel Worre an den Nic Muller annoncéiert.
Den Dag drop, 9 Doudesurtéler: 4 Schoulméschteren vun Woltz, 1 Postbeamten vun Lëtzebuerg an 2 Arbechter vun Déifferdéng.
Den 4. Septembrer: 4 weidder Erschéissungen: 2 Beamten aus Lëtzebuerg an nach 2 Arbechter vun Déifferdéng.
De 5. September mussen 1 Professer vun Iechternach, 2 Eisebunner vun Ettelbréck an en Dachdecker vun Dikkerech hirt Lieven fir d'Hémecht hier gin.
Den 9. September gett denn nach den Biren Ugène vun Scheffleng higemuerd an den 11. September den Adam Henri zu Köln geköppt.
Am gesamten stungen 82 Lëtzebuerger virum Standgericht vun dénen wéi elo opgezielt 21 der embruecht gouven an déi aner sin an d'Klauen vun der Gestapo komm. 89 Studenten aus dem Iechternacher an 24 aus dem Escher Kolléig gouven an d'Erzéiunglager Stallek verschléft. 60 Studentinnen aus dem Escher Lycée an 4 vun Iechternach kummen an d'Erzéiungslager Adenau. 43 Studentinen aus der Normalschoul vun Walfer gouwen an d'Lager Marien-thal an der Eiffel déportéiert.
Eng schrecklech Bilanz, an d'Weltpress huet a grousse Schlagzeilen iwert den héroeschen Widerstand vum klenge Lëtzebuerger Vollék géint iwer dem Mächtegen deitschen Reich bericht.
En erschreckend grousst Blutaffer, onzählech Kierperschued, Léd an Tréinen

huet ons Vollék misse bréngen; mä wéivill méi grouss wären d'Verloschter gin, wann et no den ursprüngleche Pläng vun den Nazi-Herrscher gange wir. Mir, d'enrôlés de force, déi direkt betraffen vun deser völkerrechtswiddreger Gauleiterverordnung, mir, "Ons Jongen" verneigen ons déif virum Affer vun desen an allen lëtzebuerger Patrioten. Mir waren, sin a bleiven esou lang ons Generatioun liewt, all desen Helden zu déivem Dank verpflicht.
Mir hun a widerhueln onse Merci un all Lëtzebuerger a Frenn déi ons a schwéierer Zeit enner d'Aerm gegraff, enner Dag geholl, gehegt a gefleegt hun, iwert Grenze gefouert, moralesch, finanziell a mat Liewensmettele gehollef, égal wéi och, onse Merci esou wéi e konnt ausgedréckt gin, ass hinne gewess. Et ass och virwat d'Fédératioun vun den Enrôlés de Force desen 40. Anniversaire vun enger schrecklecher Zeit an enger Rei Manifestatiounen, virun allem den Merci vun der geafferter Generatioun un all "Morts pour la Patrie" widerhuelen wëllt. Mä awer och de Souvenir vun desen Helden a Martyrer héichhalen an déi jenger Generatioun drun erenneren, dass et zu Lëtzebuerg Leit gouw, déi berét waren, hirt Verméige, hir Gesondhét an hirt Liewen op d'Spill ze setzen fir dass d'Freihétsson nés iwer Lëtzebuerg soll blénken. Déi beréd waren ons Freihét mat hirem Blud eremzekâfen.
Déi Freihét, déi vill vun ons haut als selbstverständlech hinhuelen.

Dir Dammen an dir Hären, léiw Frenn, Bekannten a Komeroden,
Iech all déi dir iech haut denOwend hei afond huet, fir eben desen Geafferten ze gedenken, soech ech merci fir är Présenz hei. Merci vum Fédératiounsprésident a senge Komitésmemberen fir är stark Bedélegung och un deser Commémoratioun hei zu Péiteng. Loss mer nie vergiessen dass déi déne mir haut gedenken, d'Streikaffer, wéi och déi, déi schon virdrun an dono hirt Liewen fir d'Hémecht gin hun dass sie gestuerwe sin, fir dass mir konnte weider liewen. Weidder konnten a kennen lieven a Fridden a Freihét, an engem freien an onofhängegem Lëtzebuerg.
Ehr hirem Undenken.